

vun Aarbecht, déi muss medezinnesch begleet ginn, an zwar ëm schwanger Fraen.

Mir haten 1995 e Gesetz gestëmmt iwwert d'Begleitung an d'Betreiung vun de Frae virun, während an no der Gebuert an do si Règlements grand-ducaux an deem Gesetz virgesinn, déi de Remboursement erméigleche wa Frae bei Hiewammen a Consultatioun ginn an déi Motioun freet, fir déi Reglementer endlech ëmzesetzen.

### Motion

*La Chambre des Députés*

*considérant*

*- que la loi du 31 juillet 1995 portant modification 1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 20 juin 1977 ayant pour objet: 1. d'instituer le contrôle médical systématique des femmes enceintes et des enfants en bas âge; 2. de modifier la législation existante en matière d'allocations de naissance; 2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 30 avril 1980 portant création d'une allocation de maternité; 3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales; stipule que certaines modalités d'exécution sont précisées par règlement grand-ducal;*

*- que faute de tel règlement grand-ducal, les femmes enceintes n'ont jusqu'à présent pas droit au remboursement des frais d'une consultation auprès d'une sage-femme;*

*- que chaque femme enceinte devrait pouvoir choisir librement son prestataire de soin;*

*- que chaque femme enceinte a le droit d'être prise en charge de façon optimale pendant sa grossesse, l'accouchement et les suites de couches;*

*invite le Gouvernement*

*- à déposer dans les meilleurs délais un projet de règlement grand-ducal fixant les modalités des consultations complémentaires pouvant être exécutées par la sage-femme.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

**M. le Président.-** Déi Motioun ass jo geduecht fir an d'Conférence des Présidents weidergeleet ze ginn?

### (Assentiment)

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4835 iwwert den Ausbau vum Gaasperecher Kräiz. Et sinn ageschriwwen déi Häre Krecké, Schummer, Greisen, d'Madame Wagener an den Här Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Ady Jung.

## 7. Projet de loi 4835 autorisant le Gouvernement à faire procéder au réaménagement de la "Croix de Gasperich" avec reconstruction de l'ouvrage d'art 216 sur la A6 et réaménagement du carrefour formé par la route nationale 4 et le chemin repris 186

### Rapport de la Commission des Travaux publics

**M. Ady Jung (CSV), rapporteur.-** Här President, honorabel Kolleegeinnen a Kolleegeen.

Et war den 23. August dëst Jor, wéi d'Mme Erna Hennicot-Schoepges, Minister vun den Travaux publics, dëse Gesetzesvorschlag déposéiert huet a mir sinn houfreg fir haut, no knapp zwielef Wochen, de Projet de loi 4835 hei zur Ofstëmmung kënnen virzeleeën.

Bei dësem Projet geet et ëm d'Gaasperecher Kräiz wat nei aménagéiert muss ginn, fir den Ufuerderunge vum Stroosseverkéier op dëser Plaz gerecht ze ginn. Dem Projet läit en ausféierlechen Exposé des motifs bäi, mat Pläng an enger Beschreiwung vun den Aarbechten, déi auszuféiere sinn.

Wat d'Aarbechten elo ubelaangt, sou sief ervirgehuewen, datt eng Rei vu Schwaachpunkte behuewe musse ginn. Et geet drëm, fir d'Stroossennetz op dëser Plaz besser un de Verkéier unzepassen, engersäits fir der Zuel vun de Gefierer Rechnung ze droen, déi dagdeeglech do passéieren, anerersäits awer och fir d'Sécherheet ze verbessern. Et geet drëm fir an der Zukunft déi Stauen ze vermeiden, déi ëmmer erëm op där Plaz festgestallt ginn, besonnesch wa Vakanzenzäit ass a vill friem Gefierer op den Axen Arel-Diddenuewen, an Diddenuewen-Arel ënnerwee sinn.

Fir d'Problemer op dëser Plaz ze behiewen, goufe véier Haaptléisungen an d'A gefaasst:

1. Virun der Bréck 216 geet d'Ausfädelungsspur méi fréi un, an et kënnt eng zweet derbäi; d'Ausfahrt vun der Brëtell Arel-Lëtzebuerg féiert separat aus der A6 eraus. D'Afädelung an d'A3 verleeft op enger gréisserer Distanz, andeem sech eng Spur no där anerer afädelt.

2. Eng Rei vu Verbesserung ginn duerch verschidden Ännerunge vun de Markéierungen erreecht.

3. D'Ariichte vun enger méi breeder Ausfädelungsspur op zwou Pisten, déi aus der Brëtell Diddenuewen-Arel erausféiert.

4. D'Verbesserung vun der Stroosseféierung mat Afädelung op der A3, fir d'Richtung Tréier-Diddenuewen, virun der Brëtell Arel-Diddenuewen.

Wann de Moment hei véier Brécke bestinn, sou ass et just eng, déi nët breet genuch ass, a muss ersat ginn.

Déi nei Bréck, déi virgesinn ass, ass eng Bou-Hängebréck, eng prefabrizéiert Metall-Konstruktoun, fachlech "Bow-string" genannt, wou nëmmen ee bis zwee Deeg noutwendeg sinn, fir se an déi definitiv Stellung ze bréngen. Gläichzäiteg gëtt dann d'Kräizung vun der N4 an der CR186 als Kreesverkéier ausgebaut.

Dat, wat esou eng prefabrizéiert Stolbréck méi kascht wéi eng Bëtonsbréck, gëtt deelweis kompenséiert duerch d'Vermeide vun den indirekten Onkäschten, déi duerch eng länger Baustell mat entspreichende Konsequenzen entstoe géifen. Ëmmerhin ass hei e Verkéiersopkommes vun zirka 60.000 Gefierer pro Dag!

Wat d'geschätzten Ausgaben ubelaangt, sou sinn dës am Ganze 424.000.000 Frang (TVA abegraff), respektiv 10.510.685,45 €, opgedeelt op

- 6.073.391,37 € fir den neien Aménagement vum Gaasperecher Kräiz;
- 2.850.775,53 € fir d'Konstruktoun vun der Bréck;
- 1.239.467,62 € fir de Stroossebau am Verdeelerkrees;
- 347.050,93 € fir d'Ofrappe vun där aler Bréck.

De Projet de loi hält de virbenannten Endbetrag fest, mat der Réserve vu gesetzlechen Haussen, déi am Laf vun den Aarbechten antriede kënnen. D'Ausgabe selwer ginn iwwer de Fonds des routes verbucht. Heibäi huet de Statsrot insistéiert, datt, wann et zu engem Dépassement kéim, da misst d'Chamber hiren Accord am Viraus dozou ginn. Dann huet och déi héich Kierperschaft drop higewisen, datt virum Votum vun deemem Projet 4835 d'Fiche financière, déi mam Artikel 79 vum Budgetgesetz virgesinn ass, virleie muss, wat dann och geschitt ass.

A senger Sëtzung vum 22. Oktober 2001 huet d'Kommissioun vun den Travaux publics de Projet ënnersicht an de Rapporteur eestëmmeg bestëmmt. Bei där Geleeënheet hunn d'Membere vun der Kommissioun vun der Mme Minister, vu verschidde Fachleit aus hirem Ministère a vun de Ponts et Chaussées Äntwerten op all Froen heizou kritt.

Ënner anerem gouf eis verséichert, datt duerch dëse Projet keng Beem a Matleedenschaft gezu ginn, an datt Hecken, déi ewech falen, duerch nei Uplanzen ersat ginn.

Op eng Fro hin, fir eng direkt Verbindung vun der Autobunn, déi op Metz féiert, mat där op Arel, gouf der Kommissioun matgedeelt, datt esou eng Léisung en Autobunnkräiz op dräi Niveaue verlaange géif, eng Konstruktoun, déi schwéierlech géif ugeholl ginn. Wa sech allerdéngs méttelfristeg géif erweisen, datt déi mat deemem Projet geplangte Verbesserungen net géifen duergoen, sou misst eng Léisung iwwert d'Collectrice du Sud gesicht ginn. An deemem Kontext sot d'Mme Minister, datt en Aarbechtsgrupp, aus de Ministère vum den Travaux publics, vum Transport a vum Aménage-

ment du Territoire amgaang ass e sektorielle Plang iwwert d'Stroossennetz am Süden auszeschaffen.

Den Avis vum Statsrot gouf den 23. Oktober ausgestallt an ass an der Kommissiounssëtzung vum 6. November diskutéiert ginn. De Statsrot huet sech positiv zum Projet ausgedréckt a seng Bemierkungen an Ännerungen am Text, souwéi och de Projet de rapport, goufe vun der Kommissioun eestëmmeg ugeholl.

Der Kolleege an de Kolleege aus der Kommissioun, sou wéi och de Fachleit vun de Ponts et Chaussées, soen ech merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Dëst gesot, sinn ech dovun iwwerzeegt, datt och d'Chamber genee déiselwech positiv Haltung zu deemem Projet wäert anhuelen!

### **(Interruptions)**

Fir dëst ze ënnersträichen, sou kann ech lech am Numm vun der CSV-Fraktioun soen, dass mir dëse Projet de loi stëmme wäerten.

### **(Interruptions diverses)**

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

### **Discussion générale**

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, no där interessanter a kompetenter Ausféierung vum Rapporteur - mengen ech - brauch ee vum technesche Punkt aus näischt bäizefügen. Mir wäerten dee Projet do stëmmen, Här President, an zwar si mer der Meenung, dass déi Verbesserungen, déi do ubruecht ginn, effektiv probéieren e Boulot, dee systematesch entsteet, ze eliminéieren.

Mir wëllen awer och kloer an daitlech soen, dass mer der Meenung sinn, dass wann een och Verbesserung soll an eise Stroossennetz, a besonnesch och an eise Autobunnnetz ubréngen, dat net duergeet. Mir kënnen net mengen, muer géife mir deem Stau ronderëm d'Stad meeschter ginn, dee mer quasi all Dag feststellen, sief et um Contournement, sief et um Rescht vun deenen Autobunne ronderëm d'Stad, doduerch, dass mer däraarteg Verbesserung virhuelen, wa mer net gläichzäiteg higinn, a mir probéieren en neit, méi interessant, méi attraktiiv öffentlecht Transportmëttel, wat de Stadkär mat ubënnt, och gläichzäiteg ze realiséieren. Mir kënne souvill Autobunnen a Sträife bäimaachen ewéi mer wëllen, mir ginn dat do net meeschter!

Eis Fraktioun verstoppt sech net, wann et heescht Verbesserung bréngen. Mä wann et där heiteger Regierung just dru läit fir hinzugeen an nëmmen am Stroossebauwiese Verbesserung virzehuelen, a se net och parallel am öffentlechen Transport mécht, dann ...

**(Interruptions)**

Ech mengen de BTB-Projet, Mme Wagener, ass vun där viregter Regierung dohinner gesat ginn an ech ka mech erënneren, dass d'Kompetenz net onbedéngt bei eisem Koalitiounspartner louch.

**(Interruptions)**

**Une voix.-** Bei dem Här Goebbels!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Den öffentlechen Transport muss méi attraktiv, méi schnell a méi effikass ginn. Mir kënnen muer net vun eise Leit, déi all Dag iwwert d'Grenz bei eis schaffe kommen, verlaangen, si sollen drop verzichte mam Auto ze kommen, wa mer hinnen net kënnen eppes Attraktives amplaz setzen.

Dat muss een dohinner setzen éier een dat do freet, an dat hu mer bis elo verpasst! Et geet net duer mat där Null-plus-Léisung, d'Léisung seet schonn am Numm wat et ass, dat ass eng Null-Léisung, domat ass et net ...

**(Interruption)**

Ech hunn e jo net erfonnt! Ech hu jo deen topechen Numm do net erfonnt! Mä deen Numm seet relativ gutt aus wat et ass: Et ass eng Null-Léisung an de kleng Plus hannendrun, deen hëlleft och guer näischt!

An duerfir soen ech nach eng Kéier am Numm vun eiser Fraktioun, mir soen nëmme jo zu däraartege Stroossebauprojeten. Mä et geet nëmme dann, wa parallel dozou den öffentlechen Transport méi effikass a méi attraktiv gëtt. Mir kënnen dat net feststellen, d'Gepléischters mat Bussen - soe mer lech -, déi hänke muer och am Stau, a souguer wa mer si iwwert d'Autobunn fuere loossen ass genau dee selwechten Zirkus festzestelle wéi deen, dee mer haut gesinn.

Duerfir, Här President, gi mer eise jo zu derheiteger Saach. Mir wëlle kloerstellen, dass dat do Gepléischters ass, wa mer et net fäerdeg bréngen, eng aner Solutioun unzibidden, déi de Leit et erlaabt, an d'Stad a ronderëm d'Stad effikass, schnell an attraktiv ze kommen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

**M. John Schummer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mengem Virriedner soen, dass am Transportministère effikass geschafft gëtt, an dass den Här Grethen ganz kloer geplangt huet fir eng Eisebunnslinn vun Diddeleng op Volmerange-les-Mines weiderzezéien, mat engem Opfänparking, e P&R-Parking, fir dass déi Leit, aus deem Eck, hiren Auto do kënnen ofstellen, an da mam Zuch an d'Stad kommen. Do geschitt schonn eppes!

**(Interruptions)**

Do geschitt schonn eppes!

**(Interruptions diverses)**

Ech froe mech wie 15 Joer laang dee Ministère hat an do geschlof huet!

**Plusieurs voix.-** Oh!

**M. John Schummer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer un éischter Stell dem Här Jung fir säi mëndlechen a schrëftlechen excellente Rapport merci ze soen.

Et handelt sech bei dësem Projet de loi ouni Zweifel ëm e Projet deem seng Daseinsberechtigung mer hei bannen net laang brauchen ze diskutéieren. Mir kennen alleguerten d'Verkéiserssituatioun um Gaasperecher Kräiz ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Net nëmme!

**M. John Schummer (DP).**- ... zu de Spëttestonnen, déi sech dann natierlech während der Vakanzenzäit, am Juli an am August, verschlëmmert.

Dir hutt ganz Recht, Här Di Bartolomeo, wann ech an Är schéin Heemechtstad kommen - a meng och -, da furen ech well erëm wéi freier gewinnt iwwert d'Kockelscheier, well dat vill méi séier geet.

**Une voix.-** Da kritt Der awer Sträit mat deene Beetebuger!

**M. John Schummer (DP).**- D'Konsequenze sinn eis alleguerte bekannt!

**(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)**

D'Konsequenze sinn eis alleguerte bekannt: Kilometerlaang Stauen, déi de ganzen Trafic paralyséieren an och oft d'Ursach fir Accidenter sinn; dobäi kënnt dann nach den Transitverkéier vun de Camionen aus der Belsch a Richtung Frankräich. Déi Aménagementter, déi an dësem Projet de loi festgehal sinn, sollen also déi Situatioun verbessern an d'Sécherheet vun den Automobilisten och vergréisseren.

Déi technesch Detailer sinn elo zur Genüge erlääuert ginn, sou datt ech net méi brauch dorop zréckzekommen, dat huet den Här Jung ganz brillant gemaach.

Vu dass eis alleguerten awer bewusst ass, dass den Trafic an nächster Zukunft sécher net ofhëlt, mä doudsécher zouhëlt, musse mer eis iwwerleeën, wat dann déi nächste Schrëtt sinn. De Plan sectoriel Sud iwwert de Stroosseréseu, deen de Moment ausgeschafft gëtt, wäert eis do bestëmmt méi Genaues iwwer eventuell Léisunge soe kënnen. Déi drëtt Spur, souwéi en zäitweilegt lwwerhuelverbuet fir Camionen, mussen hei an d'lwwerleeunge mat abezu ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mech nëmme widderhuelen a soen, dass dëse Projet de loi enger reeller Demande an enger reeller Nécessitéit

entspricht. Ech begréissen et dofir och, dass mer esou schnell iwwert dëse Projet de loi hei an der Chamber ofstëmme kënnen, an ech wëll schliesslech nach den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen (ADR).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all déi Leit, déi mam Auto iwwert d'A3 vun Diddeleng hierkommen, ob se ënnert dräi Brécken erduerch riicht op d'Gare oder an d'Stad fueren, ob se no riets op d'A1 duerch den Houwalder Tunnel a Richtung Findel fueren, oder ob se drënner an driwwer op d'A6 a Richtung Arel fueren, déi wonneren sech ëmmer erëm ween dann hei mat de Stroossen a mat de Brécke gespillt huet. An all déi Leit, déi vum Contournement hierkommen, déi do versiche riets erauszefueren, sief et a Richtung Houwald oder op d'Diddelenger Autobunn, kennen d'Geforen, deenen den Automobilist hei ausgesat ass.

Et ass also net vu Muttwëll wann elo mat dësem Projet hei versicht gëtt, eng aussergewöhnlech geféierlech Situatioun ze entschäerfen. D'Ausgabe vu ronn enger halwer Milliard, déi virgesi sinn, sollen dozou déngen, dëse wichtegen Autobunnsknuet méi sécher a méi flësseg ze maachen.

Wann den ADR och zu dësem Projet säin Accord wäert ginn, sou heescht dat net, dass mer mengen, mat dësem Projet géif déi verwurrelt Verkéierssituatioun ronderëm d'Stad a soss am Land elo gerett ginn.

Eng ähnlech Spillerei mat Stroossen a Brécke fanne mer e bësse weider um Zéissenger Kräiz mat der Escher Autobunn erëm. Net vill besser ass et nach e Stéck weider bei der Sortie Areler Strooss. Et ass also klor, dass bei der Planung vun eise Stroossennetzer kee Konzept virlong. Dat gesäit een. Hei gouf stéckweis gebaut, esou wéi et grad am einfachste war, ouni Gesamtkonzept. An et muss ee sech d'Fro stellen, wien dann d'Responsabilitéit iwwerhëlt, zumindest moralesch, fir all déi Accidenter, déi do virprogramméiert sinn, déi passéiert sinn an nach wäerte passéieren.

Fir den ADR läit dës Responsabilitéit klor bei de Politiker vun de Regierungsparteien, déi net de Courage haten eng kohärent Stroossepolitik duerchzusetzen, well eis Fachleit an de Verwaltungen, de Ponts et Chaussées an an den Entreprises, déi wësse scho wéi ee Kräizunge fir sécheren a flëssege Verkéier baue muss. E Schoulbeispill kennt all Mensch, deen op iergendenger Ingénieurschoul war.

De Feeler awer fir dat Gewurschtels, an ech kommen net derlaanscht lech e Gewurschtels ze weisen, dee läit nëmme bei de Politiker, déi hunn dat verbrach. Den Här Colling vun der CSV huet dat fréier Spaghetti genannt.

Mir müssen am Kader vun dësem Projet awer och allgemeng iwwert d'Transport- an d'Verkéierspolitik hei am Land schwätzen. Ech brauch dobäi nëmmen zrëckzekommen op déi Aussoen, déi ech hei scho bei verschiddene Geleeënheete gemaach hunn. Trotzdeem héieren ech ëmmer nach dee falsche Sproch: Wie Stroosse baut, dee récoltéiert Autoen. Neen, dat ass grad esou falsch, wéi wann ee géif soen: Wat méi Spideeler gebaut ginn, wat et méi Kranker gëtt. Soss kënnt ee jo och mengen, an dat wär och falsch: Wie méi Eisebunne baut, deen erstéckt an den Zich. Mir wësse jo awer, dass eis öffentlech Transportmëttel Bus an Zuch eidel doruechter fueren.

**Une voix.-** Da fuert emol an de Spëttestonnen!

**M. Fernand Greisen (ADR).-** Et gesäit een iwwerall, dass den Zouwuess vum Verkéier ëmmer parallel leeft mam Zouwuess vun der Wirtschaftsleeschtung. E wirtschaftlechen Zouwuess dréit derzou bäi, dass et de Leit besser geet an domat klammen dann och d'Uspréch un déi perséinlech Mobilitéit. Wien also Polemik géint den individuelle Stroosseverkéier opriert, dee soll klor soen, dass e géint d'fräi Beweeglechkeet vun de Leit a vun de Wueren ass, a selwer wëllt op Villes verzichten.

Ech wëll dofir nach eng Kéier d'Virschléi vum ADR zur Verkéiersproblematik an Erënnerung ruffen, besonnesch awer wat eis Positioun zum Ausbau vum öffentleche Verkéier an zur Verbesserung vum individuelle Verkéier ugeet.

Den ADR trëtt a fir eng Verbesserung vun den Infrastrukture fir den individuelle Verkéier duerch den Ausbau an d'Moderniséierung vun eisem Stroossennetz.

Den ADR trëtt awer och a fir eng gezielte Förderung vum öffentleche Verkéier duerch d'Aféiere vun engem attraktiven a flexible kollektiven Transportsystem. Op béide Gebidder bleift nach vill ze maachen.

Wat zum Beispill den Ausbau vum öffentlechen Transport ubelaangt, mat gratis Benotzung fir de Bierger, hunn eis Kollege vum ADR-Süden haut de Mueren interessant Virschléi presentéiert. Op déi wäerte mer nach zrëckkommen.

Fir den ADR ass et wichteg, dass déi kollektiv an öffentlech Transportmëttel mateneen an net géintenee schaffen. Nëmme eng Kombinatioun vun de verschiddene méigleche Systemer ka weiderhëlfen. Den individuellen an de kollektive Verkéier, den Transport iwwert d'Shinn oder iwwert d'Strooss, déi hunn all Vir- an Nodeeler. D'Aufgab vun enger Vernetzung läit do dran, déi jeeweileg Virdeeler ze notzen an d'Nodeeler ze minimiséieren.

Mir gesinn och d'Noutwendegkeet vu gudde Stroosseverbindungen als evident un. Eis Virschléi si bekannt. Zum Beispill Ausbau vun der Autobunn Arel-



Diddeleng op dräi Spuren. Dësen Ausbau ass ëmsou méi wichteg a gëtt dringend, wann d'Saarautobunn vum Süden hier fäerdeg ass. Da fueren nämlech zousätzlech schweier Gefierer aus der Saar iwwert d'Diddelenger Kräiz op d'A3 an op d'A6.

Et bleift awer nach ze iwwerleeën, ob een den auslänneschen Nord-Süd-Duerchganksverkéier net an Zesummenaarbecht mat den Nopeschlänner laanscht eist Land féiere kann. Dobäi däerf och de Bensinstourismus keen onléisbare Problem duerstellen. Léisunge gëtt et dofir sécher.

Den ADR verlaangt och de Krees vun der Autobunn ronderëm d'Stad am Norden zouzemaachen. Wou mir iwwert d'Uelzecht an iwwert d'Mamer fueren, fir op d'Areler Autobunn ze kommen, dat bleift nach ze ënnersichen, mä dës Verbindung ass noutwendeg a muss elo an Ugrëff geholl ginn.

Och feelen nach am Norden aner anstänneg Stroosseverbindungen oder Ëmgehungen. Den ADR verlaangt eng Ëmgehungsstrooss ëm Ettelbréck an eng aner ëm Dikrech. Alles dat misst elo schonns ulafen.

Zum Ofschloss nach eng Kéier: Den ADR gëtt säin Accord zu dësem Projet fir d'Verbesserung vum Gaasperecher Kräiz.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng haten an der Kommissioun de Rapport zu dësem Projet gestëmmt. Ech muss soen, ech hu mat enger gewësser Liichtfankegkeet vläicht do meng Hand gehuewen, dat zum Deel well ech berouegt gi sinn, dass a puncto Grénges, wat géif ewechgeholl ginn, net ganz vill géif geschéien. Do wärend keng grouss Beem, déi missten ewechgeholl ginn an och soss wärend do keng Problemer.

Ech hunn awer virun e puer Deeg um Radio héieren, dass dësse Projet am Fong just eng Virstuf wär fir déi Autobunnen, déi mat deem Gaasperecher Kräiz verbonne sinn, ze verbreedern, also fir Spure bäizesetzen, an do hunn ech mer awer eeschtlech Froe gestallt, ob dat dee richtege Wee wär, an ob déi Gréng sech kéinten erlaben, fir dee Projet hei ze stëmmen.

Ech wëllt do ganz gäre vun der Mme Ministesch nach eng Kéier berouegt ginn, well wann et de Fall ass, dass dat just déi éischt Stuf wär vun engem weideren Ausbau vun eisen Autobunnen, da kéinte mir natierlech dësse Projet net stëmmen.

Ech wëllt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir op déi Ausféierunge vum Här Krecké ze reagéieren, dee sech virdru fir den öffentliche Transport staark

gemaach huet. Mir begreifen dat natierlech, well mer dat schonn zënter Joren, et kéint ee scho bal soe Jorzéngten, maachen.

### (Interruption)

Ech mengen, do wore mir zwar vir, Här Fayot.

Ech wëllt den Här Krecké och drop opmierksam maachen, dass ënnert där Regierung, wou eng LSAP-Bedeelegung wor, eigentlech kee Millimeter Schinn gebaut ginn ass an och soss net ganz vill fir den öffentliche Transport gemach ginn ass. Et ass zwar vill dervu geschwat ginn, mä zu konkrete Resultater ass et awer leider deemools net komm. Par contre konnte mir als Gréng ganz oft op d'Tribün goen an den Här Goebbels drop hiweisen, dass ...

**Une voix.-** War en och Transportminister?

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- E wor eng Zäit laang, wann ech mech gutt erënneren, Transportminister.

Jiddefalls schéngt d'Transportministerin géint de Minister vun den öffentliche Baute sech deemools net ganz gutt duerchgesat ze hunn, well mir hunn hei haaptsächlech iwwer Stroossebauprojeten diskutéiert, déi och vun der LSAP matgestëmmt goufen, a ganz weening iwwert den öffentliche Transport.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sougenannte Gaasperecher Kräiz war vun Ufank un eng Fehlkonstruktioon. Eng Kräizung vun zwou esou wichtigen Autobunnen, wéi déi vun Arel no Frankräich an déi vun därselwechter Richtung no Tréier, déi hätt misse ganz anescht ugeluegt ginn, wéi dat elo de Fall ass.

Eng Rei vu Geforemomenter sinn do opgetratt. Wann ee vun Arel kënnt an et wëllt een d'Ausfahrt Lëtzebuerg-Süd huelen, do kënnt et ganz oft vir, dass d'Leit sech ieren an der Areiung, déi Ausfahrt verpassen, no Tréier weiderfueren an dann d'Kéier beim Iergaart maachen.

Op där anerer Säit läit déi Ausfahrt direkt hannert der Opfahrt vu Lëtzebuerg-Süd och op d'Tréierer Autobunn, wat ebenfalls e Geforemoment duerstellt, ënner anerem awer oft duerch déi komesch Situatioun, déi mir bei Op- an Offahrte vun enger Rei vun eisen Autobunnen hunn, déi dora besteet, dass de Krümmungsradius vun deenen Op- an Offahrten net konstant ass, mä sech öfters verjüngt, wouduerch dann eng Rei vun Automobilisten aus der Kurv erausgedroe ginn.

Elo gëtt gesot, dass déi Situatioun géing verbessert ginn. Gläichzäiteg gëtt awer schonn d'Aschränkung gemach, wéi wann déi Verbesserung net géing

duergoen an dru geduecht wär fir de Verkéier Nord-Süd, dat heescht dee vun Arel, fir d'éischt iwwert d'Escher Autobunn op d'Collectrice du Sud ze féieren an da Richtung Metz. Do stellen ech mer d'Fro: Firwat dann net schonn éischer? Firwat net vun Arel direkt op Longkech an op Metz? Tëschent Longkech a Metz existéiert eng Autobunn. Dat géing ouni gréisser Problemer goen. An der Belsch gëtt deen Tronçon ausgebaut. Do wär also d'Méiglechkeet vun engem Délestage vun där staark befuerener Bunn.

Well dat hei awer elo keng Léisung vun der bestehender Situatioun bréngt, well jo schonn dru geduecht gëtt eng Auswäichléisung gläichzäiteg unzibidden, géing ech mengen, dass ech mech bei dësem Projet géing enthalten.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Ministesch fir öffentlech Bauten a Stroossebau, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der Chamber, un alleréischer Plaz der Kommissioun an hirem Rapporteur merci, dass de Projet iwwert den Ëmbau vum Gaasperecher Kräiz esou schnell konnt evakuéiert ginn. Ech sinn natierlech frou, dass mer do mam Chantier kënnen ufänken an ee Geforepunkt aus eise Stroossenetz erauskréien.

Deen éischte But, deen de Bauteministère huet, wann e Stroosse baut, dat ass dee vun der Sécherheet. Mir müssen d'Stroossen esou gestalten, dass se net ee Geforepunkt fir den Automobilist duerstellen. Mat der jetzeger Gestaltung vun deem Gaasperecher Kräiz war dat streckeweis e richtege Geforepunkt. An deem Sënn ass dës Projet eng Verbesserung.

Ech muss awer soen, dass onofhängeg vun der Erweiterung vun der Diddelenger Autobunn dës Projet ausgeschafft ginn ass. En huet also keen direkte Lien mat der Erweiterung vun der Autobunn.

Ech wëll awer net bei der Mme Wagener d'Meenung opkomme loossen, dass ech nimools een Ausbau vun där Autobunn wäert der Regierung presentéieren, well esou wéi den Zoustand, souwuel vun der Areler Autobunn wéi och vun der Diddelenger, fir de Moment ass, do ass och de Prinzip vun der Sécherheet net méi garantéiert.

Et ass natierlech esou, dass mer an der ganzer Planung vun eise Stroossen een neie Moment hunn. Leschten Enns net doduerch, dass mer fir all Stroossenëmbau müssen eng Prozedur maachen, déi gutt 1½ bis 2 Joer an Usproch hält, esou dass ech kaum wäert d'Geleeënheet hunn eng Strooss, déi ech geplangt hunn, wuel nach vläicht kënnen unzeefänken, mä scho guer net méi bis an eng weider Bauphas ze kréien bis zum Enn vun der Legislaturperiod.

Et ass dofir wichteg, dass am Stroossebau kontinuéierlech geplangt ka ginn, dass deen neie Minister net déi vu sengem Virgänger geplangte Projeten alleguer fundamental nees op d'Kopp geheet, mä dass mer awer eng Linn an deem Ganze behalen.

Zu der Planung insgesamt ass vun der Chamber bei dësem Projet keng weider Bemierkung gemaach ginn. Ech géif dofir och gären zu deene méi allgemenge Bemierkungen nach e kuerzt Wuert bäiflécken.

Et ass evident, dass mer mat méi Stroosse bauen net de Problem vun der Mobilitéit, dee mer hunn, opgehuewe kréien, a mir hunn e Problem an allen Deeler vum Land. Dat gesäit een, wann ee muerens wëllt an d'Stad fueren, egal vu wat fir enger Richtung, et sinn iwwerall Stauen. Jiddferen huet mat deene Problemer ze dinn. Et ass dofir och falsch, fir wëlle mat enger Moosnam eleng, dat heescht mat Stroosse bauen, deem Problem bäizekommen. Et muss an den öffentlichen Transport investéiert ginn.

Wat et heescht, wann eng Moosnam net gemaach gëtt, dat gesi mer elo beim Projet BTB. Hätte mer de BTB an der leschter Legislaturperiod méi offensiv ënnerstëtzt, da wäere mer elo net an där Situatioun, dass mer vill Planungen erëm eng Kéier vu vir müssen ufänken.

An deem Sënn ass et och e Feeler, wann een eppes net mécht. Ech huele mer dat fir de Stroossebau och zu Häerz. Wann een elo net d'Konsequenze plangt vun deene Stroossen, déi fäerdeggestallt sinn - ech mengen domat d'Westtangente, wann e Freideg deen éischten Deel vun der Nordstrooss opgeet -, dann huet ee jiddefalls een Deel vum Problem net erfaasst an net mat gesinn.

Wat gehéiert nach zu engem performanten öffentlichen Transport? Ech hunn am Bauteministère eng Mobilitéitszell ageriicht, wou mam Aménagement du Territoire an och mat dem Transportministère zesumme gekuckt gëtt, wéi mer kënnen, à la fois duerch besser Opfangparkingen, och baussent eise Grenzen, mä awer och bei den Uertschaften, en Interesse fir den öffentlichen Transport kréien.

Et misst een awer och emol eng Gemeng fannen, an ech wär frou, wann ech eng géif fannen, déi bereet wier, e Pilotprojet mat unzegoe fir Fahrgemeinschaften. Am Ausland gëtt et performant informatiséiert Systemer, fir d'Leit derzou ze bréngen, dass net méi jiddferen eleng a sengem Auto sëtzt. Wa mer et géife fäerdegbréngen an all Auto véier Leit sëtzen ze hunn, dann hätte mer dräi Autoe gespuert. Wa jiddferen sech déi Rechnung mécht, da kann en zielen, wéivill Autoen an deem Stau, an deem e moies steet, géifen ewechbleiwen.

Leschten Enns mussen mir eis awer och d'Fro stellen iwwert dat, wat eng Spëttestonn ass. Muss et dann esou sinn, dass an der Stad gewësse Betriber alleguer

zesumme moies um aacht Auer ufänken? Och dat ass eng Iwwerleeung wäert. Wa mer et géife fäerdegbréngen a gewëssene Beräicher d'Ufangszäiten e bëssen ze strecken, dann hätte mer deemno och d'Kapazitéit vun deene Spëttestonne massiv erweidert.

Dat wier et gewiescht, Här President. Mir schaffen un engem neie Plan sectoriel sud, wou mer op all déi hei ugesprache Saache wäerte méi am Konkreten Äntwerte ginn.

Ech denken, dass, nodeem ech nach Biergerinitiativen an de Mouvement écologique consultéiert hunn, de Projet vun der Westtangente och geschwë wäert kënnen op den Instanzewee goen, an déi grouss Konsultatioun. Mat de Gemengen hate mer scho Gespréicher, esou dass een do emol eng Kéier no dem System vun der Direktiv eng Befroung mécht an dee Projet dann op den Instanzewee schéckt.

Ech soen der Chamber merci an hoffen, dass ech eng breet Zoustëmmung fir dëse Projet kréien.

**M. le Président.-** D'Diskussioun vum Projet de loi ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4835.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 53 Jo-Stëmme bei 6 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady

Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Ady Jung), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.

*Se sont abstenus:* MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um 14.30 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.18 heures)**